ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

1997 huet Lëtzebuerg d'Oviedo Konventioun "Convention pour la protection des Droits de l'Homme et de la dignité de l'être humain à l'égard des applications de la biologie et de la médecine" mat ënnerschriwwen. 2005 gouf vum deemolege Gesondheetsminister Mars Di Bartolomeo ënnert der Nummer 5528 en éischte Projet de loi an der Chamber deposéiert, fir dës Konventioun ze ratifizéieren. Deen Text gouf awer genausou wéineg an der Chamber gestëmmt, wéi den enk mat dësem Thema verbonnene Projet de loi Nummer 5552.

Duerfir géif ech der Madamm Gesondheetsminister an der Madamm Justizminister gär des Froe stellen:

1) Wéi ass déi aktuell Positioun vun der Regierung zu der Oviedo Konventioun an zum Projet de loi 5552?
2) Géing d'Regierung wärend dëser Legislaturperiod eng Ratifizéierung vun der Oviedo Konventioun duerch d'Chamber begréissen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten